



UNION CYCLISTE DIPPACH

ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF - FONDEE EN 1935,
AFFILIEE A LA FEDERATION DU SPORT CYCLISTE LUXEMBOURGEOIS (F.S.C.L.)

1

Rapport vun der Sitzung vum 29. Juli 2019

Présents : MM: JUNGELS Henri, HEIDERSCHIED Dan, DIDIER Lucien, JUNGBLUTH Fredy, BERGER Arsène, SPAUTZ Richard.

Excusés: TREIS Laurent, GILLES Joël, MORANG Misch, KEISER Claude,
Mme MORIS Laurence

1. Rapport vum 24. Juni.

- D'Sponsorsiessen as Freides, den 20. September. De Rendezvous an der Béierhaascht as ëm **19:00 Auer, an net wéi am Rapport vum 24. Juni** geschriwwen gëf ëm **19:30 Auer**.
- Et gouf haut décidéiert, datt d'Invitatiounen missten vum 26. August un fortgeschéckt gin.

2. Cyclo-Cross zu Miersch (Krounebiërg) de 5. Oktober.

- 1. Woch September: Présentatioun vum Programm 2019 (mat Photoën) mat den neien Auerzäiten well ab der Cross-Saison 2019 et erëm Juniorinne gin.
- D'Demande u Ponts et Chaussées fir Calicot'ën iwver verschidde Stroossen vu Miersch ze spannen gi vun der Gemeng ugefrot.
- Well mir KÖLNToon a MAXXtime hu mussen engagéieren, well d'Fédé keng funktionnéierent Funken huet an d'Personal vun hierem Timing Team nach ëmmer net déi néideg Expéienz huet respektiv aus verschiddene Grënn net dispobil aas wat e grousst Lach an eise Budget gemaach huet. Dofir sollte mir ee Bréif un d'Fédé schreiwen wou mir froën fir wéinstens een Deel vun dëser grousser Dépense kënnen ze kompenséieren. (Eise President huet mam fréiere President vun der Fédé geschwat an deen hätt gesot ënner him géif d'Fédé dem Veräin déi Dépense zréckbezuelen. Mee de President huet näischt ze soën dat muss den CA décidéieren). De Sekretär schreift dësen Desideratum un d'Fédé.
- De Sekretär soll bei der Mierscher Gemeng Barriäre bestellen fir rechts a lénks vun der Arrivée bis bei de Camion vun der Jury (2x 150 Meter) an rue des 4 Vents.
- Wann nach eppes dobäi soll kommen misst dat an der nächste Sitzung ugeschwat gin.

3. KÖLNToon op eisem Weekend am Mee.

- Déi d'Fro as gestalt gin op mir KÖLNToon iwverhaapt bräichten? De Problem bei dësem System as, datt déi Funken vu KÖLNToon an engem zouenën Funksystem funktionnéieren, d.h. all déi Klibsween déi hieren eegenen Funk am Auto wëlle benotzen kréie keng Infoën well sie kee Funk vu KÖLNToon agebaut kruten. Dofir musse mir ongeféier 30 Funke méi bestellen, wat, ergo, jo scho méi deier gett.
- D'FSCL versicht nei Funken ze kaafen a wann dat klappt kéinte mir fir d'nächst Joer déi Funke bei der Fédé benotzen an all friemen, an indigeäne Veräin kéinten hier eege Funke benotzen an all Informatioun kréien, a fir de Veräin géif dat och nach erëm méi bëlleg.

4. Sponsoren (Kontrakter).

- Mir kréichen eis 2 nei Autoën (Camionnette a Kombi) vum Garage THOMMES gratis ersat. Bis dato hu mir 660,00€ fir déi 2 Ween pro Mount bezuelt (7.920,00€ pro Joer).
- Et as proposéiert gin eis 2 Autën erëm an där groer Faarw ze bestellen, an eis Camionnette als « Kastenwagen » ze bestellen, wat zwar de Sponsor vill méi deier géif gin well de Chassis praktesch de Präis vun der Camionnette mat duebeler Kabine huet an dann d'Këscht nach dobäi kéim. Fir d'Ariichtung vun der Këscht wär et awer vill méi rationnel.
 - SONNTAG Immobilien verlängert säi Kontrakt nach bis 2023 (5000,00€/Joer);
 - Dem CACTUS säi Kontrakt leeft nach bis 2021 (5.000,00€ pro Joer);
 - Der CIALUX hiere Kontrakt leeft nach bis Enn 2020. Dee Kontrakt gëtt awer duerno net méi erneiert;
 - De Kontrakt vum GIORGETTI leeft nach bis 2023 (3.000,00€/Joer);
 - De Kontrakt vum MOITZHEIM-Optique gëtt net méi erneiert, mee d'Firma géif da 1.500,00€ spenden. Dee Betrag misst awer vu Joer zu Joer nei veerhandelt gin. Et kënnt kee Numm méi vum MOITZHEIM op d'Uniform (bis elo war dee Numm um Cuissard säitlech);
 - Vum Kontrakt vun der Gratiszeitung L'ESSENTIEL as nach kee Feedback komm. Do muss nach nogefrot gin ?? ;
 - De Kontrakt mat TOTAL as nach net an dréchenen Dicher.
 - Mir sollen eis bei Ceratizit virstellen fir ee Sponsoring. Nodeems de Sekretär mat engem fréieren Ingenieur vun der Firma geschwat huet kéimen déi Annoncen op der Télé héchstwahrscheinlech vun Tizit aus Éisteräich. Vun der Famill Lanners déi virun ongeféier 80 Joer hei zu Lëtzebuerg Cerametal gegrënnt huet as kee méi an der Firma mee just nach ee vun der Famill Lanners wär nach am Verwaltungsrot. De Sekretär stellt der Firma eise Veräin fir an der Hoffnung, datt mir vläicht ee Sponsorskontrakt kréichen.

5. Indoor Cycling am November zu Miersch.

- Et gin 6.000 fliegend Blieder gedréckt an 2.500 Autogrammskaarten (500 pro Coureur déi déi zwou 1. Stonnen um Podium furen).
- De Sekretär mécht eng d'Demande u Ponts et Chaussée fir Reider mat der Pub däerfen op den 3 Zoufaartsstroossen fir op Miersch ze stellen (N7 nom Castermans Garage virun den 1. Heiser vu Rolleng, N7 vu Colmar aus vir un der Bretelle fir op d'A7, CR 101 no Schëndels zwëschen 2 Bëscher)
- Eise Praeses stellt een Heeschebréif op fir d'Annoncen fir eisen Indoor Cycling.

6. Neie Bréifpabeier.

- Den Henri Jungels, President, gëtt dem Sekretär ee Blad mat der neier Architektur. Ouni digitale Fichier kann dee Pabeier leider net benotzt gin.

7. Ersetzen vun eisen 2 Klubs-Autoën.

- Wéi am Kapitel 4. Schon ugeschwaat, kréiche mir, viraussichtlech, eis zwee nei Autoën ab dem Joer 2020 komplett gratis.
- Mir schloen dem Garage THOMMES vir fir eng Camionnette mat enger Këscht ze kréien (Typ: Kastenwagen) mat enger Héicht vun 3,40 Meter an ausser der hënnechter Dier och eng säitlech Dier mat engem modernen Diesel. Fir de Kombi sollt et een Talisman sin mat minimum 147 kW och als Diesel E6-temp.
- D'Faarw soll wéi ouwen errnimmt (Kapital 4) gro sin. De Garage hat eis virgeschloen d'Ween a wäiss ze huelen (déi Faarw as meeschtens ouni Supplément) mee Gro as méttaliséiert a kascht Supplément. Déi Këschten déi opgebaut gin sin am Prinzip ëmmer wäiss, dofir war wahrscheinlech Wäiss virgeschloen gin.

8. Eis nei Uniformen.

- D'Commande geet un de VERMARC a Belgien.
- Solle mir bei roud, blo a wäiss bleiwen ? Oder solle mir an eng ganz aner Richtung goen? Vlächcht eng „Fluo“ Faarw wou d'Sponsoren gutt eraus kéimen an d'Boxen dann an enger donkler Faarw. Sou géifen eis Coureuren besser am Peloton erkannt gin, well bis elo nach kee Veräin esou erausstécht ausser dem CT Atertdaul déi eng Orange liichtend Faarw gewielt hun fir hier Trikotën.
- De Sekretär krut matgedeelt, datt nëmme mëndlech Offeren ugefrot goufen a mir och keng schrëftlech Offere kruten mir kruten just déi verschidden Musteren an d'Präisser matgedeelt.
- De Sekretär seet deenen zwou Firmen (Asport an G-Skin) villmools Merci fir d'bereed gestalte Musteren, mee datt no méi genauer Ënnersichung vun der Qualitéit vum Stoff, a vun der Bitzaarbecht nëmme déi Kleeder vu VERMARC a Fro kommen, mee dat net géif soen datt mir elo nie méi wëllte mat hinne zesumme schaffen, bien au contraire.

9. Kandidatur vun engem neie President an engem neie Sekretär.

- Eisen aktuelle President huet eis matgedeelt, datt den Här BEI déi Missioun net kënnt unhuelen well hie vlächcht net kënnt esou präsent sin wéi de Veräin séch dat viistellt.
- Eise Praeses huet duerno de Papp vun engem Coureur, de Serge Haag, ugeschwaat an dee wär gewëllt déi Missioun unzuhuelen. Hie selwer as ee gudden Organisator an hätt vlächcht och déi richtig Kontakter.
- Eise President geet mam Serge Haag den 18. September iessen fir iwver déi Saach méi am Détail ze schwätzen.
- De Sandro Gonçalves, enger jonker Coureurin hiere Papp, hat dem Sekretär gesot wann hie seng Staatsexamina dëst Joer fäerdeg hätt wär hie bereed am Komitee matzeschaffen. Hie wär vlächcht dee geeegneten Sekretär. Hie muss awer elo no der Vakanzzeit dorop ugesprach gin. Den aktuelle Sekretär mécht dat.

10. Challenge de l'Everest mat der Association „Wonschkutsch“.

- De Sekretär huet all d'Demanden ugefrot a krut vun der Police matgedeelt, datt de Veräin fir dat do Evenement keng Autorisatioun vum Transportministär brauch a mir kréichen och kee „Pré admis“ vun der Police, well et 1. keng Course as an 2. keng Zäite gehol géife gin. De Glen fiirt praktesch 33 Mol eleng de Bourschender erop zwëschen 6 an 20 Auer, a wahrscheinlech géifen déi eng oder aner onermittlech Cyclisten, hien während enger kuurzer Zäit begleeden. Dem Glen no, deen unhëlt ganz eleng do ze fueren, mengt awer d'Wonschkutsch hätt eppes méi Grousses vir. Mee do muss déi Associatioun séch awer drëm bekëmmere fir déi Autorisatiounen ze kréien.
- Well mir awer de Pré admis vun de Ponts et Chaussées hätten wär et trotzdem wichteg Schëlde an d'Strooss ze setzen mat der Info „ATTENTION! Évènement Cycliste“. Wéi de Glen der „Wonschkutsch“ zougesot huet wouss hien nach net, datt de Marc Godart do den Uspiechpartner wär. E Mëttwoch as eng Réunioun mam Schäfferot vun der Gemeng Bourschend mam Marc Godart dem Glen a mir.

11. Sponsorsiessen an der Béierhaascht.

- Eise Praeses, den Henri Jungels, freet no op den Datum vum 19. September dem Restaurant géif goen. Da géife mir de wichtigsten Sponsoren ee Bréif maachen „Save The Date“. Rendez-vous fir den Apéro wär dann ab 19:30 Auer.
- Den Dan heiderscheid an de Claude Keiser sollen eng Lëscht vun de Chauffeuren an de Signaleuren maachen. An der nächster Sitzung géife mir décidieren wie vun deene Leit dann op d'lessen invitéiert géif gin. Den Heng géif och seng Lëscht maachen mat de Leit vum Catering a Billjeeë verkaafen. D'Lëscht vun de Leit déi am Büro gehollef hun, asw., huet de Sekretär.

12. National Championnater am Januar 2020.

- Verschidden Desiderata fir dës Organisatioun goufe genannt. Mee déi gin op enger nächster Réunioun Mëtt September ageschriwwen, wann de Sekretär genau weess wéi de Verlaaf vun dëse Coursen um Terrain as a wat do opgebaut gëtt, asw, asf. D'Autorisatioun vun der Ëmweltverwaltung muss 3 Méint virum Délai an der Gemeng am Reider aushänken.

13. Indoor Cycling.

- Deemnächst leeft eng Testphase vu SPORT50 un fir ze kontrolléieren op hiere Programme fir d'Vëloën ze besetzen och richteg funktionnéiert. Den Datum vum INDOOR Cycling as Samschdes, de 16. November vu 16 bis 20 Auer. Do misst elo nach eng d'Demande gemaach gin fir d'Sportshall ze reservéieren.
- Eise Praeses huet dem Här Klein matgedeelt, dass näischt méi esou wéi d'lescht Joer présentéiert gëtt, dat hätt einfach keen Effekt gehat.

14. Divers.

- De Sekretär soll de Benoît Theisen, Sekretär vun der Associatioun „Škoda Tour de Luxembourg“ froën wéini mir dat Geld vun eisen Aktien aus der ofgeschaafterener aaler Associatioun TdL zréck kréischen.

Ëm 22:15 Auer war d'Reunioun fäerdeg.

Eis nächste Sitzung as ee

Méindeg, 19. August ëm 19 :00 Auer zu Dippech.

Richard Spautz
Secrétaire

De Sekretär hat vergiess, dass hien de 19. August schon eng Sitzung huet (Commission des Jeunes vun der FSCL). Den Datum stoung schon Ufanks Juli fest, mee mir haten nach keen OK fir ee Sall mat Projekter a Leinwand. Déi Autorisatioun krute mir elo de 6. August vum Service des Sports a mir kënnen dee Sall benotzen vun 19 bis 21 Auer. Ech hat eisem Praeses dat scho geschriwwen krut awer nach kee Feedback fir een aneren Dag ze proposéieren. Ech hu vun dësem Dënschden u bis een Donneschdes Owes näicht op mengem Kalenner.

Dagesordnung vum 29 August ëm 19:00 Auer.

1. Courrier.
2. Cyclo-cross vum 5. Oktober um Mierscher „Krounebiërg“. Material vun der Gemeng?
3. Eise Grillweekend zu Käerjeng beim Cactus de 27. an 28. September.
4. Invitatioun fir d'Sponsorsiessen (Freides, den 20. September em 19:00 Auer an der Béierhaascht). D'Lëschte mat de Leit déi dem Veräin iwuer d'Joer an de verschiddenen Organisatioune gehollef hun gin duerchgekuckt an dann decidéiert wien eng Invitatioun krit.
5. Championnater am Cyclocross zu Miersch am Januar 2020. D'Autorisatioun vun der Ëmweltverwaltung muss 3 Méint am viraus an der Gemeng Miersch am Reider hänken.
6. Indoorcycling de 16. November zu Miersch. D'Sportshall muss schréftlech ugefrot gin. Do muss och eng Permission de Voirie ugefroot gin wéint eise Reideren mat der Pub laanscht 3 Staatsstroosen Richtung Miersch.
7. Divers.